



E klenge Compte rendu "Bass du Mega"

vum Gespréich vun der Mme Hetto matt de Schüler am Lycée du Nord 21.11.2012



Di 13. Editioun vun Mega on Tour huet eis an den Lycée du Nord Woltz gefouert wou d'Mme Hetto-Gaasch ganz härzlech vum Här Direkter an senger Equipe empfaangé gouf. Gudd 70 Schülerinnen a Schüler, vu verschidde 2ièmen an 3ièmen, hu sech op eng ugeregten Diskussioun matt der Madame Hetto gefreet. No enger klenger Begréissung duerch den Här Direkter ass dun Wuert un d'Madame Ministesch weidergeleed gin.

D'Mme Hetto huet als éischt erklärt dass den Ministère nach bis 2005 „Ministère de la

Promotion Féminine“ geheescht huet, an huet dunn di eenzel Aarbechtsberäicher vum Ministère virgestallt zu deene folgend Voletën gehéieren: Schoul an Beruff, Politik a Gesellschaft a Famill a Soziales.

D'Schüler an d'Schülerinnen waren ganz séier der selwegter Meenung wéi d'Mme Hetto, dass d'Besetzung vu Jongen a Meedercher an den ënnerschiddleche Sektioneen oder Orientatioune net ëmmer équilibréiert wier, wéi z.B. an der Education (Préscolaire an Primaire) oder och am Secteur vun den Santé-Beruffer. An dobäi wier et awer wichteg, sou d'Ministesch, dass all Jongen an all Meedchen esouwuel mat Fraë wéi mat Männer léieren dierften, fir dass si Virbillen vun all Geschlecht hätten.

Och an de Paiën kënt et zu Diskriminatioune. Sou verdéngen d'Fraën zu Lëtzebuerg nach ëmmer liicht manner wéi d'Männer. An zwar well si méi dacks eng Paus an hirer Carrière maachen, oder well si eng Aarbecht akzeptéieren déi manner gutt ugesin ass.

Fir d'Gläichheet an de Betriber ze ënnerstëtzen, setzt de Ministère e spezifescht Instrument an: d'Actions positives. Mat Hëllef vum Ministère get an de Betriber déi sech dru bedeelegen eng intern Enquête gemaacht, wou gekuckt gëtt wat een ännere kann, fir dass Fraen a Männer gläich behandelt ginn. An zweeter Phase ginn dann Mesuren agesat, wéi zum Beispill d'Schaafen vun enger Crèche d'entreprise oder d'Aféierung vum Télétravail. Den Ministère bidd den Entrepreneuren och d'Meiglechkeet, un Hand vun engem speziell



entwéckelten Programm, dem LOGIB, ze kontrolléieren ob die eenzel Employé(e)s fir hier Qualifikatioun korrekt bezuelt gin.

Ee Schüler huet dorobbs hin gefroot waat een dann kann maachen waan een daat Gefill hätt net korrekt laut séngen Qualifikatiounen bezuelt ze gin. Mme Hetto huet erklärt, dass een esou eppes kann am Centre pour l'Egalité de Traitement mellen, da wäeren duerchaus Sanktioune méiglech, mee et géif baal keen sech trauen, dëss Organismen anzeschalten, aus Angscht viru Repressalien op der Aarbecht, oder diselwecht vläit souguer ze verléieren.

D'Madame Hetto huet dunn mol gefrot ob d'Schüler schonn eppes vun enger Quotereegelung héieren hätten an wat si dovunner halen. Dacks bleiwen Fraën spéider eng Zäit laang doheem, fir sech ëm d'Erzéiung vun de Kanner an ëm den Haushalt ze këmmern. Entretemps hun mir awer och zu Lëtzebuerg ee Succès ze verzeechnen an 26% vun all de Männer huelen och hiere Congé parental. D'Bestriewen vum Ministère wäer och fir Beruff a Familljeliewen esou gudd wei méiglech ze verbannen, eng gudd Léisung wäer z.b. dass de Mann zu 75% schafft an d'Fra och, esou kéinten sech béid Partner ëm d'Kannererzéiung an Haushalt këmmern a genuch Zäit mat der Famill verbréngen. D'Mentalitéit vun de Leit muss einfach changéieren. Et ass och bewisen dass Männer a Fraën sech an de Betriber ganz gudd ergänzen an hiren Iddien, an dass d'Produktivitéit an den Emsaatz gesteigert ginn a Firmen, déi eng besser Mixitéit opweise kënnen.

D'Mme Ministesch huet gefrot ob dann am Sall eng Schülerin, een Schüler wäer den sech fir Politik interesseiert. Daat war awer net den Fall. D'Ministesesch huet dunn d'Schüler nach eng kéier am Speziellen duerfier opergeruff, sech fir Politik z'interesséieren: "Loosst net di aner fir iech décidéieren. Iwwerleet lech dat ganz gutt. Interesséiert iech fir Politik!". Nëmme esou kéint een duerfier suergen, dass sech Saachen veränneren an a Bewegung setzen.

En anert Thema zum Volet Gesellschaft ass d'Prostitutioun an wéi dëst Thema am Ausland géréiert gëtt. Vill Fraën prostituéieren sech einfach fir méi Geld ze verdingen. Dorënner sin och vill Studentinnen déi sech esou hieren Studium finanzeieren.



Leider ass och d'häuslech Gewalt zu Lëtzebuerg ganz präsent. Mme Hetto-Gaasch erklärt kuerz dass den Auteur vun Gewaltakten aus dem Haus ka verweisen ginn an dat fir 10 Deeg. Zu Lëtzebuerg gin et bis zu 250 Wegweisungen pro Joër. Während dëser Zäit, huet d'Affer Zäit sech Gedanken ze maan wéi et ka weider goen. Et därf een Gewalt net einfach esou hin huelen a schon guer net doheem wou een sech eigentlech sollt sécher a gebuerge fillen.

No deene flotten Diskussiounen mat de Studenten huet d'Ministesesch nach eng kéier härzlech merci gesot fir all d'Remarken vun deene Jonken. Mat dëse Wieder ass den 13. Mega on Tour zu Enn komm.

